

Avis – Integratiounskommissioun vun der Stad Gréiwemaacher

d'Memberen hunn all eenzel hier Meenung ofginn.

Am folgenden Dokument sinn déi Meenungen am Resumé opgezielt :

- **Qu'est-ce que l'intégration ?**

Intégration est que les nouveaux arrivés se sentent les bienvenus, en sécurité, économiquement indépendant, utiliser ces droits de votes, cependant sans perdre ou devoir abandonner sa propre culture, langue, tradition.

Integratioun ass, datt all déi verschidden Nationalitéiten zesummen liewen. Et soll een net fäerten fir déi Leit kennzeléieren, et soll een seng Hëllef ubidden wann d'Leit nei op Lëtzebuerg kommen fir datt se sech net sou eleng gelooss fillen.

Integratioun ass, datt all déi verschidden Nationalitéiten, déi och deelweis aner Sitten hunn, datt déi léieren sech ze integréieren an eiser Gemeng, datt déi och gehollef kréien sech ze integréieren. Déi Leit sollen sech wëllkomm fillen, et soll een hinnen och konkret dat Gefill ginn. D'Gefill vun Häerzlechkeet.

Integratioun ass, een harmonescht zesummeliewen vun de neien an ale Bierger vun enger Gemeng, engem Land, enger Entitéit.

Bei der Integratioun geet et net nëmmen ëm d'Nationalitéit, mä och jonk an al Leit sollen z. B. an dat soziaalt Liewen integréiert ginn. Et gi vill Leit déi eleng do stinn, déi sech vläit och net trauen fir sech op ze maachen fir d'Gemeinschaft. Et ginn och vill Leit déi wéinst hirem héijen Alter eleng sinn, déi keen Uschloss méi fannen oder kee Courage méi hunn fir op d'Leit duerzegoen.

Fazit : Integratioun – do geet et net nëmmen ëm d'Nationalitéit, mä och jonk an al, behënnert net behënnert Leit, an och aner Reliounen sollen akzeptéiert an integréiert ginn.

- **A quoi doit servir une politique d'intégration ?**

Déi ass do fir de Kader ze setzen. Et geet awer meeschtens just ëm d'Nationalitéiten. Vermësst ginn dofir och aner Formen vun Integratioun.

Et muss eng Guideline do sinn, Reegelen opgestallt ginn, fir datt d'Leit sech doru kennen orientéieren. Et ass wichteg, d'Leit ëmmer erëm drop opmierksam ze maachen, well vill Leit sinn einfach egoistesch an hirem Denken an Handeln, wann een d'Leit net ëmmer erëm drop stéisst, dann vergiessen déi oft datt nach Matmënschen do sinn. Et soll een keen ausschléissen.

Déi Politik soll d'Reegelen an d'Mëttelen definéieren fir datt een een harmonescht Liewen vun a mat alle Bierger kann erméiglechen.

Et muss eng performant Integratiounspolitik sinn fir datt déi Leit, déi wëllen akzeptéiert an integréiert ginn, datt déi sech wëllkomm fillen.

Et ass un der Politik fir de Wee virzeweisen, fir Richtlinnen ze setzen, datt et och kann richtig ëmgesat ginn. Eng Guideline fir een harmonescht Liewen kennen zesummen ze setzen.

- **Quelle approche d'intégration favorisez-vous ?**

Inclure les autres citoyens.

Et sollt een op d'Leit duergoen, mat de Leit oppen schwätzen, sozial Evenementer organiséieren, op d'Noperen duergoen – déi kenneléieren, d'Gemeng soll d'Leit kontaktéieren, och an der Schoul sollen d'Enseignanten op déi Leit duergoen. Et geet net duer de Leit irgendwellech Brochüren an de Grapp ze drécken, de perséinleche Kontakt muss scho bestoen.

Et soll een seng Bereetschaft weisen datt een engem wëll hëllef. Et soll een de Leit eng Hëllefstellung ginn, ëmmer een oppent Ouer hunn. Vill Leit trauen sech och net selwer op een duer ze goen – z.B. een Noper deen frësch bäigezunn ass – et sollt een dann op deen duer goen an Hëllef ubidden.

Et soll eng inklusiv Approche sinn, all d'Leit sollen do aviséiert ginn, Schoul, Bildung, Sport, Kultur a souguer Politik, alles soll do mat erafléissen. D'Leit sollen vollwäerteg Matbierger an enger Gemeng ginn (ouni se elo awer ze zwéngen).

Een wichtege Aspekt ass och d'Sprooch. Déi Leit déi vun Ufank un eis Sprooch léieren, integréieren sech och méi séier. D'Sprooch ass soss effektiv een Hindernis op béide Säiten – et fäert een dann een op deen aneren duerzegoen an et schaaft een domat eng mënschlech Barrière.

- **Qui est concerné par l'intégration et quels sont les besoins des personnes concernées ?**

- les nouveaux arrivés de l'étranger (peuvent même être des luxembourgeois après études ou séjour à l'étranger pour des raisons de travail
- Les personnes qui sont arrivés d'une autre ville/partie du pays
- Les moins valides
- Pour ces personnes qui vivent seules : il est plus facile à s'intégrer quand on es jeune famille avec enfants (les nouveaux contacts se font via les enfants). Ces personnes travaillent également et il n'est pas facile après le travail de sortir chez soi pour s'engager dans une association, faire du sport. Qui sont souvent des activités qui facilitent faire des nouveaux connaissances

Besoins

- éventuellement apprendre la langue
- Connaître ses droits, notamment la participation aux élections locales (actif ou passif)

Intégratioun ass een immens wichtege Piliere, et soll een de Leit hëllef. Allerdéngs ginn et och Leit déi sech net wëllen hëllef loossen, déi wëllen sech net integréieren. Et soll een déi Leit dann och net zwéngen sech ze integréieren.

- **Notre cadre législatif et nos institutions actuels permettent-ils de répondre à des besoins ?**

D'Integratiounskommissioun vun der Stad Gréiwemaacher sollt an enger nächster Sitzung iwwert genau dee Sujet diskutéieren.

Eier de neie Projet de loi gestëmmt gëtt, freet d'Integratiounskommissioun, fir déi Texter am Viraus eng Kéier kennen geschéckt ze kréien fir se ze analyséieren. Et gëtt gekuckt wéi déi Texter geschriwwen sinn, wéi d'Regierung sech virstellt dëst ëmzesetzen, ob dat dann méiglech ass dëst och esou ëmzesetzen.

Europawalen a Gemengewalen – déi Texter sinn net optimal geschriwwen. An aner Länner ass een vum éischten Dag un Walberechtigt. Hei ass dat net sou. Et muss een sech souguer nach aschreiw. Dat misst een änneren fir méi Integratioun ze errechen.

- **Quels sont les instruments, mesures, procédures qui sont indispensables à la mise en place d'une politique d'intégration cohérente ?**

D'Sproochecoursen, déi sinn net optimal organiséiert ! Do misst een méi een Akzent drop leeën, datt et den Leit méi einfach gemaach gëtt fir d'Sprooch ze léieren. Och wann d'Leit sech op eng Gemeng umelle kommen, dat ass zimmlech komplizéiert an onduerchsichteg.

Sproochecoursen an enger Gemeng – et ass immens schwierig eng Plaz ze kréien a wann een Privatcoursen hält, gëtt et immens deier ! Vill Leit hunn déi Moyenen net fir dat ze bezuelen. Dofir gëtt proposéiert, datt d'Gemengen z.B. een Deel vun deenen Privatcoursen kéint bezuelen, fir de Leit entgéint ze kommen.

- **Comment voyez-vous le rôle des différents acteurs : gouvernement, communes, institutions, fédérations, société civile, citoyens ?**

Les citoyens peuvent figurer comme mentor : pendant une certaine période accompagner une personne/famille pour des démarches administratives, faire connaître son nouveau environnement
Les associations peuvent faire appel aux volontaires

D'Regierung an d'Gemengen sollen de Kader setzen. D'Gemengen sollen och drop oppassen datt de Kader op d'Gemeng zougeschnidden ass. Déi eng Gemengen huelen z.B. méi Refugiéeën op wéi aner Gemengen, hu méi auslännesch Matbierger wéi aner Gemengen. Et soll een Landeskader gesat ginn, mä esou, datt d'Gemengne dat kennen op hir Bedürfnisser zouschneiden.

Gemengen : do feelt oft eng Kontaktpersoun, deen d'Funktioon huet déi auslännesch Matbierger ze encadréieren. Dann géifen déi sech och méi séier integréieren.

- **Question de lutte contre la discrimination ?**

Fakt ass, datt et nach vill Diskriminatioun gëtt. Et ass erschreckend ze gesinn, wéi rassistesch d'Leit awer nach sinn. Souguer ënnert de Lëtzebuurger selwer. Auslännesch Matbierger hu ganz vill Experienz mat der Diskriminatioun – sief et an der Schoul, op der Aarbecht oder op der Strooss.

Diskriminatioun huet immens vill Gesichter. Et geet och schonn duer wann een aus engem aneren Land kënt wat vläit net sou « räich » ass (z.B. Litauen, Russland etc). Dann ginn och vill al Leit diskriminéiert. Et geet net just géint d'Hautfaarf oder d'Nationalitéit, mä och den Alter oder d'Reliounen. Virun 40 Joer huet een sech als auslänneschen Matbierger och net wierklech wuel gefillt. An eiser Gemeng ass et awer säithier besser ginn.

Sprooch : Lëtzebuurger kennen vill Sproochen an fänken oft un d'Ausländer dauernd ze korrigéieren wann se probéieren lëtzebuergesch ze schwätzen.

Mir vergiessen och ëmmer datt mir d'Ausländer hei am Land brauchen – dofir dierfe mir keng Diskriminatioun opkomme loossen ! Beispill vun eisen Frontalieren. Mir brauchen déi Leit an eise Kliniken, Banken oder och soss an der Wirtschaft. Och d'Frontalieren maachen ëmmer méi een Effort fir déi lëtzebuergesch Sprooch ze léieren.